

Bolivien: e Fall fir den Noutfallfong

Bericht iwwer de Luis Maldonado, 10 Joer al.

De Luis wunnt mat senger Mamm a mat senger klenger Schwëster Maria Luz an enger Lehmhütt zu Tirani. Seng eeler Geschwëster wunnen net méi bei hinnen. De Papp ass virun 5 Joer un enger Zirrhos gestuerwen an och d'Mamm huet bis haut en Alkoholproblem.

Séi Brudder, de René hat schonn ëmmer Dommheeten am Kapp. Oft huet hien och den Luis dozou bruecht, bei senge Gauneriee matzemaachen. Sou och den 11 September 2015. Déi zwee Jongen hunn am Haus vun hirer Tatta Suen geklaut. Si goufen awer dobäi erwëscht a goufe mat der Peitsch bestrooft. De Luis ass net domat eens ginn. Hien huet keen Auswee méi gesinn an en Herbizid, deen hien doheem fonnt huet, zou sech geholl.

Dëst hat natierlech schlëmm Folgen. De Jong koom mat Hëllef vun der Fondatioun Cristo Vive an d'Klinik. D'Famill hat net genuch Suen fir d'Onkäschte vun der Behandlung ze droen, soudatt Andamos mat dem Noutfallfong fir d'Behandlung vum Luis opkoum.

Haut geet et dem Luis besser. Hien ass erëm doheem an d'Fondatioun këmmert sech em hien. Et gëtt gekuckt, dass hien regelméisseg seng Medikamenter hëllt. De Luis a seng Schwester kënnen bei d'Fondatioun iese goen a kréie beim Léiere gehollef.

Mer hoffen dat Bäscht fir heen a seng Famill.



Post aus Bolivien

E Bréif vum Rosario, Sozialaarbechter fir Puriskiris

« Léiwe Luc,

D'Ékipp vu Puriskiris schéckt dir, an alle Frënn vun Andamos, waarmhärzeg Gréiss. Villmools Merci fir är Hëllef, mat där mir eis eeler Fraen a Männer besser kenne begleeden.

Dës Aarbecht gefällt eis gutt, net ëmmer ass et einfach. Eis eeler Leit gi mat der Zäit ëmmer méi kierperlech ufälleg, wat hier Gesondheet beanträchtegt.

Dëst Joer sinn 3 Persoune gestuerwen. Eng vun hinnen hutt dir bei ärer leschter Visite kennegeléiert, mir hu mat hier zesumme giess.

Dofir soe mir villmools Merci fir är Hëllef, duerch déi mir kennen de Sozialaarbechter an d'Infirmière bei eis eeler Leit schécken.

Gott sief mat iech, villmools Merci.
Mat léiwe Gréiss,
Rosario



i Andamos!
zesumme mat Latäinamerika



Andamos! asbl

3, rue Michel Rodange

L-7681 WALDBILLIG

Tel 26 81 08 29

www.andamos.lu info@andamos.lu

BCEE LU80 0019 2955 3635 3000

Weider Informatiounen kritt Dir bei:

Carmen Seyler a Luc Azzeri

Liesie Gompelmann a Fränk Arend

Marc Frieden an Nadine Lamesch



7

newsletter

Virwuert

2015 war fir Andamos d'Joer vun eise Partner. Mir konnte leider dëst Joer net a Bolivien fléien, fir eis e Bild vun eise Projeten ze maachen, mee dofir hate mir all ons Partner bei eis op Besuch.

Fir d'éischt war d'Marta Stuckenschmid, tätég an der Fundacion Cristo Vive Bolivia fir ee kuerzt Aarbechtsgespréich op Besuch. Hatt huet eis iwwer eis Projeten a Bolivien gezielt an zesummen hu mer verschidden Iddien ausgetosch.



Den 23. Juni, op Nationalfeierdag, koom d'Schwëster Karoline Mayer bei eis op Esch. Si ass d'Grënnerin vun der Fundacion Cristo Vive an huet eis, wéi ëmmer an enger gemittlecher Ronn, en Iwwerbléck iwwer d'Aarbecht vun der ganzer Fundacion ginn a mat hier konnte mer iwwer déi grouss Linnen diskutéieren. Nodrëglech wëlle mer der Schwëster Karoline gratuléieren fir de

Präis "Das goldene Herz" deen si de 5. Dezember zu Berlin fir hiert Liewenswierk, déi onermiddlech Aarbecht am Déngscht vun de Kanner, iwwerrecht krut.

Zu gudder Läscht huet eis dunn den 12. Juli d'Diane Catani, eis Partnerin am Chile, bei eisem Summerfest begleet an eis seng Zukunftsperspektiven fir de Projet Teatrobús matgedeelt.

2016 ass erëm eng Visite a Bolivien geplangt fir eis ee Bild op der Plaaz vun de Projeten ze maachen.

All eise Partner wëlle mir Merci soen fir déi gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht an hoffen och weider nach vill Projeten zesummen ze realiséieren.

Ee grouse Merci och un lech all fir ären Asaz, déi vill Donen an Ënnerstëtzung iwwer d'Joeren.

MERCI!

Wat Är Spenden bewiirken:

A Bolivien: Parrainage vu Schüler

Zënter 2008 ënnerstëtzen eis Pätteren a Giedele 50 Internatsschüler mat engem Parrainage vun 20 Euro pro Mount. Dëst erméiglecht de Jugendlechen eng Ausbildung an der Handwiewerkschoul zu Bella Vista.



Elterenaarbecht zu Bella Vista

Eng Sozialaarbechterin huet 2015 eng Rei gutt besichten Formatiounen an Ateliere fir Elteren zu den Themen Kannerrechter, Gesondheet, Hygiene an Ernährung duerchgefouert. Och Hausbesich gehéieren zu hiren Aufgaben.



Hausaufgabenhëllef a Gesondheet zu Tirani

85 Kanner komme regelméisseg an d'Hausaufgabenhëllef. Fir si ass dëst déi eenzeg Méiglechkeet fir no der Schoul eng Hëllef beim Léieren ze kréien. Wëll vill vun dese Kanner och Problemer mat den Zänn hunn, bezilt Andamos hinnen den Traitement bei engem Zänn Dokter.



Teatrobús zu Santiago

Mat Hëllef vun Theater, Danz an anere kreativen Ateliere hëlleft d' Diane Catani de Kanner aus engem Aarmevéierel vu Santiago de Chile hiren Alldag, de vun Aarmut, Drogen a Gewalt geprägt ass, ze verschaffen an hinnen neit Selbstvertrauen ze ginn.



<http://teatro-bus.weebly.com/>



De Projet Puriskiris riicht sech u Fraen a Männer iwwer 65 Joer, déi alleng wunnen an hir elementar Bedürfnisser net kënnen erfëllen. Andamos bezilt e Sozialaarbechter an eng Infirmière fir sech em des Leit ze këmmern. Momentan ginn hei zirka 70 Persoune betreit.

PURISKIRIS



E Concert mam Ensemble Moxos

"Christ Roi Lëtzebuerg" invitéiert zënter Joren den Ensemble Moxos aus Bolivien op Mamer, fir hei Concerten ze ginn. 2015 huet Andamos sech ugeschloss an eng weider Präsentatioun plus e Workshop mam Orchester a Chouer zu Diekirch am LCD organiséiert. E Merci geet hei un d'Direktioun vum LCD, un di engagéiert Enseignant an d'Schüler vun de Sektione A an F!

Den Erléis geet un d'Musikschoul vun San Ignacio de Moxos aus dem Departement Beni.



Ateliers de Solidarité am Fieldgen

Den 10. März 2015 huet Andamos um Fieldgen bei den „Ateliers de Solidarité“ deelgeholl.

Mir hunn enger Klass eis A.s.b.l an d'Liewen an Bolivien méi no bruecht. Am Laf vum Moien hunn d'Schüler an Form vun engem Gesellschaftsspill erlieft, wéi et kinnt sinn, entweder zu der aarmer oder räicher Gesellschaft a Bolivien ze gehéieren.

Fir Andamos war et eng flott Erfahrung mat jonke Leit ze schaffen an mir hoffen, dat mir d'nächst Joer erëm um Fieldgen dobäi kënnen sinn!